No 269
12/09/2019
de Kiewerleck
périodique des Kiewerlecken asbl, Eclaireurs et Eclaireuses de Strassen affiliés à la FNEL

NEWS

Scoutsjoer 2019/2020

Hepla Maisi! Eet een sech Ëmsinn huet ass de Camp eriwwer an et steet schonn erëm een neit Scoutsjoer vrun der Dier. D'Kiewerlecke starte wéi gewinnt mat enger **Bring a Friend, Make a Friend Versammlung** an d'neit Joer. Hei soll all Wëllefchen, Scout an Explorer ee Kolleg oder eng Frëndin matbréngen déi net an de Scouten ass, fir him d'Liewe vun engem Scout virzestellen a fir lauter nei Frënn kennenzeléieren. Dës Versammlung fënnt den **21. September** statt, fir Beaver, Wëllef vu 14h00 bis 16h00 a **SCOUTEN VU 14h15 bis 16h15!!!**

Assermentation de son Altesse Royale

De 4. Oktober trëtt de Prënz Guillaume offiziell d'Nofolleg vum verstuerwene Chefscout Grand-Duc Jean un, wann hie feierlech säi Verspriechen ofleet. Zesumme mat de Scouten aus dem ganze Land an enger internationaler Delegatioun, wäerten och d'Kiewerlecken hien an dësem Moment houfreg begleeden. Méi Informatiounen zu Auerzäit a Plaz kommen deemnächst no. ->Säit 2

Assemblée générale:
De 7. Oktober am Home zu Stroossen -> Säit 5

Vizfest

Wéi all Joers steet am éischten Trimester dann och eist **Vizfest** rem un. Dëst fënnt den **13. Oktober** statt! Wéi gewinnt ziele mir am Virfeld op eis Wëllef, Scouten an Explorer, fir ze hëllefen Äppel ze rafen, a Samschdes de Viz duerch ganz Stroossen ze verkafen. Méi Infoen op de Säiten 3 & 4.

Objets Trouvés:
No eisem Camp a Wales hu mir nach genuch Objets Trouvés fir nach eng Kéier op ee Camp ze fueren ouni eppes apaken ze mussen. Kuckt weg. den 21. September no wat äert Kand alles vergiess huet.

Lost and found:
We have tons and tons of lost and found items from our summercamp in Wales. Please check if your kid lost anything on the 21st of September during our first meeting of the year.

An dëser Nummer

Colonie : *Äppelraafen, Trimesterprogramm I* ***Meute:*** *Äppelraafen, Trimesterprogramm I* ***Troupe:*** *Trimesterprogram I, Äppelraafen, Vizfest*

FNEL
SCOUTEN A GUIDEN

De klenge Kiewerleck

EN NEIE CHEFSCOUT FIR LËTZEBUERG

Léif Scouten,

Mir sinn houfreg drop iech kënne matzedeelen, datt den Ierfgroussherzog, de Prënz Guillaume, sech bereet erkläert huet d 'Nofolleg als Chefscout vu sengem Grousspapp, dem Groussherzog Jean, unzetrieden.

Foto: © World Scout Foundation / Victor Ortega

Dowéinst bieden mir iech all de Freideg 4. Oktober 2019 nomëttes fräizehalen, well eisen zukënftege Chefscout deen Dag an engem feierleche Moment säi Verspriechen ofleet.

De Freide Mëtte gouf gewielt well zu deem Zäitpunkt d' "Fondation Mondiale du Scoutisme" sech hei zu Lëtzebuerg trëfft, an deem eisen Ierfgroussherzog, de Prënz Guillaume Member ass.

Genau Informatiounen, wéi Auerzäit a Plaz, souwéi all aner praktesch Detailer kritt dir matgedeelt, soubal dës definéiert sinn.

Mir wiere frou wann dir iech all elo scho kinnt do fräi halen, fir bei dësem eemolegen Event present ze sinn.

Och si mir mam Éducatiounsministère am Gespréich, fir eng eventuell Fräistellong vun de Schoulcoursen Freides Mëttes erlaabt ze kréien.

Am Numm vu **Scouting in Luxembourg**
Anouk Galassi an Yves Marchi, LGS
Raoul Wirion, Tom Girardin, Georges Krombach, FNEL

Grupp

Sortie Äppelraafen

Salut Beaver, Wëllefchen, Scout, Guide, Explorer, Chef a Rover

Den 13. Oktober fënnt erëm eist jäerlecht Vizfest statt. Wéi gewinnt geet de ganze Grupp d'Woch virdrun d'Äppel raafen, déi mer benotze fir de Viz ze machen. Och du bass invitéiert dobäi ze sinn, et gëtt nämlech vill Äppel ze raafen!

Rendez-vous:	E Samschdeg, de 5. Oktober 2019 um 14h00 beim **Home bei de Kiewerlecken**. **BEAVER:** 14h00, rue des carrières !
Retour:	E Samschdeg, de 5. Oktober 2019 um 18h15 op der selwechter Platz.
Umeldung:	Mell dech bei dengem Gruppechef bis e Mëttwoch, den 01. Oktober 2019 per E-Mail: mail@kiewerlecken.lu un.
Material:	Schaffkleeder, Bidon Waasser, Händchen
Wichteg:	Mir sinn op d'Elteren ugewisen fir op d'Platz ze kommen, dofir wiere mir frou, wann e puer Elteren bereet wieren d' Kanner mat op d'Platz ze huelen. An engems kennen d'Elteren dann och hëllefen e puer Äppel ze raafen ;)

Bei Froen mell dech bei dengem Chef!
Lénks Patt,
Deng Cheffen.

Samedi, le 5 octobre, les Kiewerlecken vont ramasser des pommes pour en faire du jus de pomme lors du traditionnel « Vizfest » qui aura lieu le 13 octobre. Nous partons avec tout le groupe à 14h00 et revenons vers 18h15. Nous aurons besoin de l'aide des parents pour conduire les enfants au verger, nous serons très contents de compter sur votre collaboration. ATTENTION : Les Beavers se rassembleront à 14h00 dans la rue des carrières !

Scouten a Guiden

Vizfest Weekend

Salut Scout,

Den 13. Oktober fënnt ërem eist jäerlecht Vizfest statt a wéi gewinnt soll d'Trupp um Weekend vum Vizfest **eng Hand mat upaken**. Dofir invitéieren dech deng Scoutschefen en Daag virdrun dobäi ze sinn. Et gëtt nämlech vill ze dinn!

Deng Cheffe begréissen dech och mat Schocki a mat Kaffiskichelcher.

Rendez-vous:	E Samschdeg, den 12. Oktober 2019 um 9h30 beim **Home bei de Kiewerlecken** zu Stroossen
Retour:	E Sonndeg, den 13. Oktober 2019 um 17h00 op der selwechter Plaz
Präis:	Wanns du gudd mathëllefs kascht et dech just 0 € an an deem Präis ass suguer d'Iessen inclus.
Umeldung:	Mell dech bis spéitstens den 08. Oktober iwwer E-Mail: scouten@kiewerlecken.lu un
Material:	Schlofsak, Carry Mat, Wäschsaachen, Schlofkleeder, KS-Pullover, Schaffkleeder, Ersatzgezai, Tip Top Uniform+Foulard fir Sonndes a vill Motivatioun.

Lénks Patt,

Deng Cheffen.

Grupp

Convocation à l'assemblée générale ordinaire 2019

Nous avons le grand plaisir de vous inviter à notre annuelle réunion pour parents et l'assemblée générale ordinaire de notre association, qui auront lieu le mercredi, 7 octobre 2019 à partir de 19h00 au Home **Bei de Kiewerlecken**, 66, rue du Bois à Strassen. L'assemblée générale aura lieu à 20h00.

Ordre du jour

1. Mot de bienvenue du président
2. Rapport du secrétaire
3. Rapport du responsable du chalet
4. Rapport du trésorier
5. Rapport des vérificateurs de caisse
6. Rapport du chef de groupe et des chefs de branche et aperçu des activités pour l'année 2018-2019
7. Décharge au comité du groupe
8. Nomination de 2 vérificateurs de caisse pour l'exercice 2019-2020
9. Élection de maximum 8 membres au comité du groupe
10. Divers

Conformément à l'article 15 des statuts en vigueur, le comité du groupe se compose au maximum de 15 membres élus.

Font partie du comité du groupe de 3 membres dont le mandat viendra à terme à l'assemblée générale ordinaire 2019 : Kayser Julie, Schweich Nathalie et Wagener Noémie.

Tout membre âgé d'au moins 18 ans, respectivement son représentant légal, désirant se présenter aux élections du comité de groupe, est prié de renvoyer une demande par mail à mail@kiewerlecken.lu ou à remettre en mains propres au président ou au secrétaire.

Un vin d'honneur sera servi à l'issue de l'assemblée générale ordinaire.

Meilleures salutations scoutes,

Liz Biever
Présidente

Beaver

Programme trimestriel

Léif Beaver,

Mir hoffen dir hat e wonnerschéine Summer. Dëst Semester begleede mir de Bibu vum Hierscht an de Wanter an natirlech stinn eng Hellewull vu spannende Spiller, Experimenter an Aktivitéiten um Programm. Mir freeën eis drop!!

21.09.	1. Versammlung
28.09.	Bëschversammlung mam Fierschter/*Forest Meeting with the Forester* → ***Meeting Point Fräiheetsbam!!***
05.10.	Äppelrafen/*Apple-Picking* → ***Meeting Point beginning of rue des Carrières → simply look out for balloons!!***
12.10.	**Keng Versammlung/*No Meeting***
13.10.	VIZFEST/*Cider Fest for the whole family*
19.10.	Versammlung/*Meeting*
26.10.	**VAKANZ—Keng Versammlung/*No Meeting***
02.11.	**VAKANZ—Keng Versammlung/*No Meeting***
09.11.	Versammlung/Meeting
16.11-17.11.	Montée/*Sleepover (more details will follow)*
23.11.	Versammlung/*Meeting*
30.11.	Versammlung/*Meeting*
07.12.	**Chrëschtmaart/*Christmas Market*—Keng Versammlung/*No Meeting***
14.12.	Versammlung/*Meeting*

OFMELLEN: Wann dir net an eng Versammlung kënnt kommen, da mellt iech w.e.gl. of op folgender Adress: anne-marie.millim@uni.lu.

Wann dir méi wéi dräi Mol net kommt an dir mellt iech net of, da kontaktéiere mir iech fir ze froen ob dir wëllt e Beaver bleiwen, sou datt mer äer Plaz kënnen engem Beaver op der Waardelëscht ginn.

ABSENCE: *If you cannot make it to a meeting, please let us know: anne-marie.millim@uni.lu.*

Beaver

If you miss more than three meetings without letting us know, we will contact you to see whether you are still interested in being a Beaver so that we can contact a Beaver from the waiting list.

KLEEDUNG: Well mir wëllen esou vill wéi méiglech Zäit dobausse verbréngen, ass et wichteg datt dir ëmmer Kleeder a (fest) Schong undidd déi kënne knaschteg ginn. Et wier och super bei groem Himmel/Reen Matschkleedung matzebréngen.

CLOTHING: Since we want to be outside as much as possible, it is really important to always wear clothes and (sturdy) shoes that are suited for playing in the mud and for painting. It would also be great if you brought mud-gear on grey/rainy days.

SCHLAPPEN AM HOME: Well de Buedem an eisem Beaversall heiansdo e bësse kal ka sinn, kënnt dir gär e Puer Schlappen oder déck Strëmp (mam Numm drop) matbréngen, déi der wärend de Versammlunge kënnt undoen.

PANTOUFLES: *Since the floor of the Beaver room can be a bit chilly in winter, you are welcome to bring slippers or warm socks (with your name on them).*

Déi grouss Beaver/*the big Beavers*: Foxi (Anne-Marie Millim), Tic-Tac (Danielle Scholtes-Gottal), Malac (Fräntz Braquet), Hawky (Cédric Hack Rollmann), Reebou (Jeanne Schneider), Blubb (Sarah Dobbin) & special guest Grigri (Tom Sieradzki)



Wëllëfcher

Trimesterprogramm I

SAM 21/09/2019	Réunion : Bring a friend, make a friend
SAM 28/09/2019	Réunion -> **Rendez-vous: Fräiheetsbam**
SAM 05/10/2019	Sortie : Äppelraafen
DIM 06/10/2019	Commémoration nationale
SAM 12/10/2019	**Pas de réunion**
SAM 19/10/2019	Réunion
VAC 26/10-03/11/2019	Vacances scolaires
SAM 09/11/2019	Réunion
WE 16-17/11/2019	Montée
SAM 23/11/2019	Réunion
SAM 30/11/2019	**Pas de réunion**
DIM 01/12/2019	St. Nicolas à Strassen
SAM 07/12/2019	Réunion
SAM 14/12/2019	**Pas de réunion**
VAC 21/12-04/01/2020	Vacances scolaires

Scouten a Guiden

Trimesterprogramm I

SAM 21/09/2019	Réunion : Bring a friend, make a friend
SAM 28/09/2019	Réunion
SAM 05/10/2019	**Sortie : Äppelraafen**
WE 12-13/10/2019	**Vizfest**
WE 19-20/10/2019	Jota-Joti
VAC 26/10-03/11/2019	Vacances scolaires
SAM 09/11/2019	Réunion
WE 16-17/11/2019	Montée
SAM 23/11/2019	Réunion
SAM 30/11/2019	**Pas de réunion**
DIM 01/12/2019	**St. Nicolas à Strassen**
SAM 07/12/2019	**Pas de réunion**
SAM 14/12/2019	Réunion
VAC 21/12-04/01/2020	Vacances scolaires

L'horaire des réunions a changé ! Elles auront lieu de 14h15 à 16h15.

Préviens-nous en cas d'absence ou de retard, merci ☺

Lisa Sieradzki: 691 705 686



The Smallest House
IN GREAT BRITAIN